FEBRUAR / FÉVRIER 2021

GRÉNGT BLAT

Lokalsektioun déi gréng Réimech

déi gréng

Léif Réimecher Matbiergerinnen a Matbierger,

D'Covid-19 Pandemie huet eis Gesellschaft séier an onerwaart getraff. Villes wat ëmmer normal war, kënne mir elo nëmmen nach ageschränkt oder guer net méi maachen. Och eisen traditionellen Neijoerschpatt ass dowéinst dëst Joer ausgefall. Fir lech awer iwwer eis Gemeng ze informéieren, hu mir de Wee vun dësem Bliedche gewielt.

Eng Änderung gëtt et och am Gemengerot. No 15 Joer leet d'Marianne säi Mandat nidder an de Sergio hält d'Relève. Mir soen dem Marianne Merci fir säin Asaz a wënschen dem Sergio all Guddes beim Ausüben vu sengem neie Mandat.

Iech alleguer wënsche mir eng gutt Gesondheet an datt ären Alldag sech an den nächste Méint nees normaliséiert. Bleift all gesond!

déi gréng Réimech

Chers citoyennes et citoyens de Remich,

FR La pandémie de la Covid-19 a frappé notre société rapidement et de manière inattendue. Une grande partie des activités qui nous étaient familières ne peuvent être exercées que dans un cadre réduit, voire pas du tout. C'est pourquoi notre réception traditionnelle du Nouvel An n'a pas pu avoir lieu. Cependant, pour vous informer des nouvelles de la ville de Remich, nous avons choisi de rédiger ce dépliant.

Fin janvier, il y a eu un changement au conseil communal. Après 15 ans de service au Conseil Communal, Marianne a décidé de se retirer et Sergio prend le relais. Nous remercions Marianne pour son engagement et nous souhaitons à Sergio tout le meilleur dans l'exercice de son nouveau mandat.

Déi gréng Réimech vous souhaitent une bonne santé et un retour à la normale de votre vie quotidienne dans les mois à venir. Restez en bonne santé !

déi gréng Réimech

Wiessel am Gemengerot

De Sergio Prado stellt sech vir

Vum Februar un, hunn ech déi grouss Éier d'Marianne am Gemengerot ze ersetzen. E Challenge, deen ech mat grousser Motivatioun a Freed wëll ugoen.

SERGIO PRADO

Zu menger Persoun:

Ech sinn zu Gréiwemaacher opgewuess a wunnen elo zënter 17 Joer zu Réimech. Ech si 44 Joer al, bestuet a Papp vun zwee Kanner. Säit 2012 schaffen ech am Département de la mobilité et des transports fir de Ministère de la Mobilité et des Travaux publics, wou ech haaptsächlech fir de Bus Réseau RGTR responsabel sinn. Doriwwer eraus sinn ech e begeeschterte Vëlosfuerer an Hobbygäertner.

Zanter 15 Joer engagéieren ech mech elo bei „déi gréng Réimech", wou et mäin Zil ass, zu enger appropriéierter Gemengepolitik fir all Bierger bäidroen ze kënnen, no der Philosophie vun eiser Sektioun an eiser Partei.

E puer vu mengen Theemeberäicher sinn:

- Ausbau vu sozialen, kulturell a sportlechen Infrastrukturen,
- Grenziwwergräifenden a lokale Verkéier, Parkplaz-problematik a Loftverschmotzung an de Gréff kréien,
- derfir ze suergen, alle Bierger, déi beschtméiglechst an nohaltegst Liewensqualitéit unzebidden.

Changement au conseil communal

Sergio Prado se présente

A partir du mois de février j'ai l'honneur de prendre la relève de Marianne au Conseil Communal, un challenge que j'aborde avec motivation et joie.

Permettez-moi de me présenter :

J'ai grandi à Grevenmacher et j'habite depuis 17 ans à Remich. J'ai 44 ans, je suis marié et père de deux enfants. Depuis 2012, je travaille en tant que responsable du réseau bus RGTR au Département de la mobilité et des transports du Ministère de la Mobilité et des Travaux publics. Mes loisirs se partagent entre le cyclisme et le jardinage.

Depuis 15 ans je suis engagé auprès 'déi gréng Réimech' avec le défi de mettre en œuvre une politique appropriée pour tous les habitants tout en respectant la philosophie de notre section et de notre parti.

Les thèmes principaux qui me tiennent à cœur sont :

- La planification et la construction d'infrastructures sociales, culturelles et sportives,
- Une meilleure gestion du trafic automobile local et transfrontalier, du stationnement et de la qualité de l'air,
- La possibilité d'offrir à la population une qualité de vie adaptée tout en respectant l'environnement.

MARIANNE BEISSEL

Réckbléck vum Marianne Beissel

Wann ech haut op 15 Joer, sief et als Member vum Schäfferot oder als Member vum Gemengerot vu Réimech zréckkucken dierf, wëll ech lech alleguerte Merci soen. Merci fir äert Vertrauen dat Dir mir entgéint bruecht huet an nach ëmmer entgéint bréngt. Net nëmmen d'Vertraue bei de Walen, mee besonnesch d'Vertrauen a ville Gespréicher, wou et fir mech eng Éier war, nozelauschteren, mat lech ze diskutéieren, a mat lech zesummen eng Léisung fir Är Situatioun ze fannen. Och wann ech net méi am Gemengerot sinn, meng Dier bleift ëmmer fir lech op.

Déi vill Projeten, déi an deene Jore realiséiert goufen, loosse mech haut soen: "gréng huet gewierkt, ass nohalteg, wierkt nach ëmmer a wäert nach weiderwierken".

D'Grënnung vun der Maison Relais, duerno de Bau vun enger adequater Infrastruktur bei der Schoul um Gewännchen an den Ausbau vun der Infrastruktur an der Rue Enz – et war an et ass eis wichteg de Bedierfnisser vun de Kanner a vun den Eltere Rechnung ze droen. Dozou zielt och de Bau vum Jugendhaus, wou haut erëm déi Jonk sech zesummefannen an austausche kënnen. Déi renovéiert Schwämm, de Campingcarparking an den nei ugeluechte Fussballterrain sinn nieft dem Skaterpark Realisatiounen, déi net nëmme bei de Réimecher mee och bei eise Gäscht groussen Uklang fannen.

Mat der Aféierung vun 30er Zonen, der Vignette fir d'Awunner an dem Uleeë vun engem séchere Schoulwee, ass Prioritéit op de Mënsch gesat ginn. Donieft huet Lénksofbéispuer op der Héicht vun der Gemeng hiren Deel zur Verbesserung vun der Verkéierssituatioun bäigedroen.

Réimech ass eng OGM- a Pestizidfräi Gemeng ginn. Photovoltaik gouf mat der Participatioun vun de Bierger installéiert. Pabeier, Glas, Hausmüll a Biomüllentsuergung sinn ouni zousätzlech Käschte fir de Bierger ausgebaut ginn. Weider gouf eng Energieberodung a verschidde Subsiden agefouert.

Dernieft sinn et awer och d´Epicerie Sociale an d'Gedenkplaz fir eis Réimecher Bierger, déi Affer vun der Shoah goufen, déi mech haut soe loossen: „Et war net ëmsoss!"

Ech hunn zwar d'Decisioun geholl hunn, net méi Member am Gemengerot ze sinn, dat soll awer net heeschen, datt ech net méi mat de grénge Conseilléieren, dem Jean-Paul an dem Sergio, an der grénger Ekipp weiderschaffe wäert. Wéi déi lescht 3 Joer wäerte mir och déi nächst 3 Joer an doriwwer eraus, alleguerten zesummeschaffe fir zu Réimech „gréng" wierken ze loossen.

Bilan de Marianne Beissel

FR

Quand je repense aujourd'hui à ces 15 années de mandat, que ce soit comme membre du Collège Echevinal ou en tant que membre du Conseil Communal, je veux vous dire Merci : Merci pour votre confiance et Merci pour les nombreuses occasions où ce fut un honneur pour moi d'écouter, de discuter avec vous et d'essayer de trouver avec vous une solution quant à votre situation. Même si je ne serais plus membre du conseil municipal, ma porte restera toujours ouverte pour vous.

Plein de projets ont été réalisés au cours des années où j'ai pu faire partie de la majorité, projets qui me font dire aujourd'hui : "gréng huet gewierkt an ass nohalteg".

Je suis fière de la création de la Maison Relais, puis de la construction d'une infrastructure adéquate sur le site scolaire « Gewännchen » qui a été suivie par l'extension de l'infrastructure de l´école « rue Enz », il était et il est toujours encore important pour nous de nous préoccuper des besoins des enfants et des parents.

De même, de la construction du Centre des Jeunes, où aujourd'hui les jeunes peuvent se rencontrer, échanger et se soutenir les uns les autres avec l'appui du personnel d'encadrement. La piscine rénovée, l'aire de stationnement pour les camping-cars, le réaménagement du terrain de football et la construction du « Skater Park » sont devenus des infrastructures qui ne sont pas seulement appréciés par les Remicheoises et Remicheois mais également par nos visiteurs.

Dans le centre-ville, avec la mise en place de zones « 30 », l'introduction de la vignette pour les habitants et la création d'un parcours scolaire sécurisé, la priorité a été donnée aux piétons. De plus, des réalisations telles que le réaménagement des couloirs routiers à la hauteur de l´Hôtel de Ville ont eu un effet positif sur l'évolution du trafic.

Remich est devenue une ville sans OGM et sans pesticides, des panneaux photovoltaïques ont été installés avec la participation des citoyens. Un système d´enlèvement de papier, de verre, des ordures ménagères et des déchets biodégradables a été introduit sans frais supplémentaires pour les citoyens. En outre, des conseils énergétiques et diverses subventions ont été mis en place.

En parallèle, l'Epicerie Sociale et le lieu de mémoire des citoyens de Remich, victimes de la Shoah, me font dire aujourd'hui : « Ce n'était pas en vain ! »

J'ai pris la décision de ne plus être membre du Conseil Communal mais cela ne veut pas dire que je ne continuerai pas à travailler avec les conseillers verts, Jean-Paul et Sergio et toute notre équipe.

Comme les trois dernières années, nous allons continuer à travailler tous ensemble pour Remich.

"Villmools Merci Marianne fir däin Engagement an deng super Aarbecht!
Alles Guddes Sergio fir deng nei Aufgaben!"

déi gréng Réimech

Wou stéiert Réimech hin? E Schäferot ouni Visioun!

Budget 2021

Och am Budget fir d'Joer 2021 ass kee Projet virgesinn dee Réimech weiderbréngt. Et sinn nees e puer Etuden (Urbanisatioun Gewännchen, Camping & Parking Gréin) ugekënnegt, awer et läit kee konkrete Projet vir, obwuel d'Finanze vun der Stad Réimech gesond sinn a genuch Spillraum iwwreg loosse. Trotz der finanzieller Schiflag vum Hospice Civil, déi vun der Gemeng ausgeglach muss ginn, an den ongeplangten Ausgaben duerch de Covid-19 kéinten nei Projeten realiséiert ginn.

An der Halbzeit vun dëser Legislaturperiod vermësse mir eng Visioun, wou Réimech an d'Zukunft histeiere wëll. No eppes méi wéi 3 Joer gesi mir nach ëmmer keng Richtung an déi di aktuell Majoritéit goe wëll. D'Handele vun dene Verantwortlechen ass just e Verwalte vun dem Besteeënden awer kee proaktivt Lenken vun der Entwécklung vun der Stad Réimech.

Ëndlech geet de Schäfferot op de Wee fir d'Gestioun vum Altersheem un en externe Bedreiwer ze ginn. Dëse Schrëtt hu mir als gréng Réimech jo scho méi laang gefuerdert. Zanter 2017 muss d'Gemeng 4,5 Milliounen € als Ausgläich vum Defizit vum Altersheem bezuelen. E groussen Deel dovunner hätt kënne gespuert ginn, wann de Schäfferot déi souwisou unausweichlech Decisioun vun enger externer Gestioun éischter geholl hätt. Do muss de Schäfferot sech d'Fro gefalle loossen, wéi e Widderstand déi Decisioun esou laang erausgezögert huet.

E puer Projeten (LED Stroosseluuchten, Moderniséierung vun den Foussgängersträifen, de Bau vun enger Holzvergasungsanlag asw.) vun der viregter Majoritéit gi weidergefouert. Awer nei Iddien, ausser e vage Projet fir en neien, an eisen Aen iwwerdimensionéierten an net kannergerechte, Schoulkomplex souwéi e puer kosmetesch Spillereien op der Esplanade, si keng ze erkennen.

D'Personalkäschte vun der Gemeng si reegelrecht explodéiert: De Posten huet am Joer 2017 ëm di 4 Mio € ausgemaach - fir 2021 ass en op 5,6 Mio € geklomm. Nom Akraafttriede vum Kollektivvertrag 2017, sollt en Déngschtplang fir d'Aarbechter opgestallt ginn. Dësen hätt et erlaabt fir Aarbechtszäiten ze koordinéieren an doduerch Käschten ze reduzéieren. Bis haut huet de Schäfferot et net faerdeg bruecht, en Déngschtplang opzestellen. De finanzielle Spillraum vun der Gemeng gëtt doduerch staark ageschränkt.

D'Aufgabe vun enger Gemeng si vilfälteg a bestinn net nëmmen an Tourismusaktivitéiten. Et gëtt immens vill an den Dagestourismus investéiert, obwuel nëmmen e klengen Deel vun de Réimecher Bierger vum Tourismus lieft.

650.000 € si fir di verschidde Posten am Budget virgesinn. An eisen Ae misst als éischt eng Analys gemaach ginn, wat déi vill Eventer a Publikatiounen fir Réimech bréngen. Et sollt ee sech och Gedanke maachen, wéi en Afloss déi Aart vun Tourismus op d'Liewensqualitéit vun de Réimecher Bierger huet.

Wunnengsbau

De viregte Schäfferot huet vill Aarbecht investéiert fir dem Dossier Gewännchen nees nei ze lancéieren. D'Besëtzer vun den Terraine goufen an sëllegen Informatiounsversammlungen iwwer de geplangte Projet an de Verlaf dovunner informéiert. Éischt Pläng goufe gemaach, eng Ëmweltimpaktanalys ass erstallt ginn.

Zanter de Walen 2017 ass kaum nach Beweegung an deem Dossier. Et gouf keng Informatiounsversammlung méi, d'Propriétairë ginn net iwwer de leschte Stand informéiert.

De Projet Gewännchen ass op laang Zäit di eenzeg Méiglechkeet fir hei zu Réimech vill Wunnraum ze schafen. Ëmsou méi erstaunlech ass et, wéi wéineg Energie de Schäfferot an dësen Projet stécht.

Déi viregt Majoritéit hat eidelstoend Haiser kaaft, fir abordable Wunnraum zu Réimech ze schafen. Bis haut ass mat deenen Haiser näischt geschitt, obwuel de Staat 75% vun de Renovéierungskäschte iwwerhuele géif. A just duerch d'Interventioun vun engem Deel vun der Oppositioun (déi gréng Réimech an d'LSAP) beim Innenministère, ass de Verkaf vum Hierzegshaus an der Maachergaass un e Fammiljenmember vun engem Majoritéitsconseiller verhënnert ginn.

Mir gréng Réimech setzen eis weider an, fir eis Stad fir d'Zukunft fit ze maachen.

Une majorité sans vision.

Budget 2021

FR A nouveau, aucun projet qui pourrait contribuer au développement de Remich n'est prévu dans le budget de l'année 2021. Il est vrai que quelques études y sont inscrites (projet d´urbanisation Gewännchen, nouveau Camping & reaménagemant du Parking Gréin). Malgré la charge financière de l'Hospice Civil, qui doit être compensée par la ville de Remich, et les dépenses imprévues du Covid-19 des nouveaux projets pourraient tout de méme être financés.

Au milieu de cette période législative, il nous manque toujours une vision pour le développement futur de la ville de Remich. Après plus de 3 ans en poste, la majorité actuelle n'a toujours pas dévoilé la direction qu'elle souhaite prendre. Les responsables ne font que gérer les affaires courantes au lieu d'offrir un pilotage proactif du développement futur de la ville de Remich.

Le Collège du Bourgmestre et des Echevins va enfin confier la gestion de la maison de l'Hospice Civil à un opérateur externe. En tant que gréng Réimech, nous demandions depuis longtemps cette externalisation. Depuis 2017, la commune doit verser 4,5 millions d'euros en compensation du déficit de la maison de retraite. Une grande partie de cette somme aurait pu être économisée si le Collège du Bourgmestre et des Echevins avait pris cette décision plus tôt. Il est permis de se demander par qui cette décision a été bloquée si longtemps.

Quelques projets (comme l'installation de l'éclairage publique en LED, la modernisation des passages piétons, le passage à la gazéification du bois pour le chauffage urbain), déjà entamés par la majorité précédente, sont poursuivis. Mais de nouvelles idées ne sont pas proposées, mis à part un vague projet pour un nouveau complexe scolaire (surdimensionné à nos yeux et inadapté aux besoins des enfants) et quelques retouches cosmétiques à l'Esplanade.

Les frais de personnel de la Ville de Remich ont explosé. En 2017, ce poste s'élevait à 4 millions d'euros. En 2021, il est passé à 5,6 millions d'euros. Suite à l'entrée en vigueur de la convention collective de 2017, un plan de services pour les travailleurs aurait du être élaboré. Ceci aurait permis de coordonner les horaires de travail et de réduire les frais de personnel. A ce jour, le collège du bourgmestre et des échevins n'a pas établi un tel plan de services. Par conséquent, la marge de manœuvre financière de la municipalité s´en trouve réduite.

Les tâches d'une commune sont variées et ne consistent pas seulement à offrir des activités touristiques. L'investissement dans le tourisme est élevé, même si seulement une petite partie des citoyens de Remich y profite.

650.000 € sont affectés aux différents postes budgétaires. A nos yeux, il faut analyser le retour des nombreux événements et publications. Il faut aussi prendre en considération l'impact du tourisme sur la qualité de vie des citoyens de Remich.

Logement

L'ancien Collège du Bourgmestre et des Echevins avait investi beaucoup de travail dans la relance du dossier Gewännchen. Les propriétaires des terrains ont été informés lors de plusieurs réunions d'information du projet envisagé, ainsi que de son avancement. Des plans initiaux avaient été élaborés, une analyse d'impact environnementale avait également été réalisée.

Depuis les élections communales de 2017, ce dossier n'a quasiment pas avancè. Il n'y a plus eu de réunion d'information, et les propriétaires n'ont plus été informés des derniers développements. A long terme, le projet Gewännchen est la seule opportunité pour créer des logements à Remich. Il est navrant que le Collège Echevinal ne consacre pas plus d'efforts à ce projet.

La majorité précédente avait acheté des maisons inhabitées afin de créer des logements abordables à Remich qui auraient été subventionnés à 75% par l´état. À ce jour, ces maisons sont toujours vides. Et ce n'est que grâce à l'intervention d'une partie de l'opposition (déi gréng Réimech et LSAP) auprès du Ministère de l'Intérieur, que la vente d'une de ces maisons, à un membre de la famille d'un conseiller majoritaire, a été empêchée.

Nous, "déi gréng Réimech", poursuivrons nos efforts pour préparer notre ville à l'avenir.

INVITATIOUN | INVITATION

ONLINE VERSAMMLUNG

Är Meenung & är Froe sinn ons wichteg,

Wéinst den aktuele Gesondheetsmesüre kënne mir keng Versammlung mat physecher Präsenz ofhalen. Dofir invitéieren mir lech op eng online Versammlung den 05.03.2021.

ONLINE VERSAMMLUNG
FREIDES DEN 5. MÄERZ 2021 UM 20:00

Sidd Dir interesséiert? Da schéckt eis w.e.g. eng Mail un reimech@greng.lu.

Mir schécken lech dann e Link wou dir un der Versammlung deelhuelen kënnt.

Gären kënnt Dir schon am Virfeld Froën erareechen déi mir dann an der Reunioun beäntwerten wäerten.

RÉUNION EN LIGNE

Votre avis & vos questions nous concernent.

En raison des mesures d´hygiène actuelles, nous ne pouvons pas organiser de réunion avec une présence physique. Nous vous invitons à une réunion en ligne le 05.03.2021.

RÉUNION EN LIGNE
VENDREDI LE 5 MARS 2021 À 20:00

Etes-vous intéressé(e)? Si oui, nous vous prions d´envoyer un mail à reimech@greng.lu

Nous vous enverrons en temps utile un lien pour assister à la réunion en ligne.

Vous pouvez aussi nous envoyer des questions à l'avance, auxquelles nous répondrons lors de la réunion.

déi gréng 2021 - Imprimé au Luxembourg sur du papier recyclé

Kontakt reimech@greng.lu

GRENG.LU/REIMECH